SÉANCE 23

MERCREDI,
8 FÉVRIER 2017

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 6867 - Projet de loi relative à des mesures visant à réduire le coût du déploiement de réseaux de communications électroniques à haut débit et modifiant la loi modifiée du 16 mai 1975 portant statut de la copropriété des immeubles bâtis

- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace: M. Eugène Berger (intervention de M. Alex Bodry)*
- *Discussion générale: Mme Diane Adehm (interventions de M. le Ministre Xavier Bettel et M. Claude Wiseler) (dépôt de deux amendements), M. Eugène Berger (intervention de M. Laurent Mosar), M. Yves Cruchten, M. Claude Adam, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Ministre des Communications et des Médias*
- *Amendements: Mme Diane Adehm, M. Eugène Berger, Mme Simone Beissel*
- *Votes sur les amendements 1 et 2 (rejetés)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. 6704 - Projet de loi dite «Omnibus»

portant modification:

a) de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

b) de la loi du 30 juillet 2013 concernant l'aménagement du territoire;

c) de la loi du 22 octobre 2008 portant promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes;

d) de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles;

e) de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau;

f) de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

g) de l'article 44bis du Code civil;

h) de la loi du 18 juillet 1983 concernant la conservation et la protection des sites et monuments nationaux;

i) de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

j) de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national;

k) de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés;

et abrogeant:

a) l'arrêté grand-ducal modifié du 13 août 1915 portant règlement du service des femmes dans les hôtels et cabarets;

b) l'arrêté grand-ducal du 15 septembre 1939 concernant l'usage des appareils radiophoniques, des gramophones et des haut-parleurs

- *Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative: M. Yves Cruchten*
- *Discussion générale: M. Félix Eischen (interventions de MM. les Ministres Dan Kersch et Etienne Schneider, Mme Octavie Modert et M. Claude Wiseler), M. Claude Haagen, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 6992 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

2) de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;

3) de la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel (dépôt d'une motion)*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar (interventions de M. le Ministre Jean Asselborn et M. Marc Angel), M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile (interventions de Mme Martine Mergen et M. Marc Angel)*
- *M. Fernand Kartheiser*
- *Vote séparé sur l'article III du projet de loi (demande rejetée)*
- *Vote séparé sur l'article 59 du projet de loi (demande rejetée)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

5. 7077 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet

1. la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques;

2. la création d'un «Centre de gestion informatique de l'éducation»;

3. l'institution d'un Conseil scientifique

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen, Mme Tess Burton, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6992 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

2) de la loi modifiée du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention;

3) de la loi du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales (suite)

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Jean Asselborn, M. Dan Kersch et M. Claude Meisch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op. An e Bléckkontakt geet duer fir ze gesinn: D'Regierung huet keng speziell Kommunikatiounen ze maachen?

(Assentiment)

Merci, Här Premierminister.

Da géife mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6867 an dee Projet dréit ronderëm de Réseau fir elektronesch Breetbandkommunikatioun. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

2. 6867 - Projet de loi relative à des mesures visant à réduire le coût du déploiement de réseaux de communications électroniques à haut débit et modifiant la loi modifiée du 16 mai 1975 portant statut de la copropriété des immeubles bâtis

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Et kéint ee jo elo domadder ufänken a soen: „Stellt lech emol vir, Dir hätt elo net alleguerten um Pult den Internet connectéiert. Dir hätt och elo keen Handy, mat deem Der kéint schaffen, fir op den Internet ze goen, fir Mailen ze schécken, fir ze kommunizéieren, fir vläicht och nach e Message op Facebook ze maachen." Dat kënne mer eis eigentlech hautzudaags praktesch net méi virstellen, datt een deen Outil net hätt vum Internet. An dowéinst gëtt eigentlech och den Accès un den Internet ëmmer méi als eng Zort Grondrecht considéréiert, well et eben ouni Internet an der Gesellschaft vum 21. Jorhonnert, an där mer haut liewen, ëmmer méi schwéier ass, eigentlech e vollwäertege Member vun där Gesellschaft ze sinn, fir kënnen ze kommunizéieren, fir kënnen Informatiounen eranzehuelen, eigentlech och, fir eng Rei deeglech Aufgaben ze maachen, sief dat, datt ee Bankoperatioune mécht, sief dat, datt ee vläicht eng Demande beim Stat mécht. All déi Saache sinn ëmmer méi, heiansdo souguer schonn nëmme méi exklusiv online verfügbar. Et ginn och Leit, déi praktesch online schaffen. An, voilà, alles dat, fir ze soen, datt een eigentlech hautzudaags den Accès un den Internet brauch, fir iwwerhaapt an der Gesellschaft kënnen ze fonctionnéieren.

En effikassen Internetréseau ass awer och wichteg, net nëmme fir den Eenzelnen, mä en ass och wichteg fir d'Entwécklung vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg. Wa mer eis wëllen als ICT-Standuert beweisen, wa mer eis net nëmme wëllen domadder zefridde ginn, datt mer esou gutt si wéi déi aner Länner, mä vläicht och besser wëlle si wéi déi aner Länner, da wëlle mer Virreider sinn op europäeschem Plang. Och da brauche mer effikass Infrastrukturen an da brauche mer iwwerall, och fir eis Betriber natierlech, den Accès un de sougenannten „schnellen Internet".

An dee Projet de loi, deen ech lech haut de Mëtten dann hei presentéieren, situéiert sech an där Logik vum schnellen Accès un den Internet als Grondrecht an e situéiert sech natierlech och an déi Strategie, déi eigentlech schonn 2010 lancéiert ginn ass, vun dem „«ultra-haut» débit pour tous". E situéiert sech natierlech och an d'Strategie vun „Digital Lëtzebuerg", déi dës Regierung weiderverfollegt.

Op där anerer Säit, de Projet de loi, dee setzt och eng europäesch Direktiv ëm, déi als Zil huet, fir dësen Accès un de schnellen Internet wäitméiglechst obligatoresch ze maachen an awer och, fir datt dat méiglech ass, fir déi Aarbechten, fir dat ze maachen, och esou käschtegënschteg wéi méiglech ze gestalten. Well de Coût, also d'Fraisen, d'Käschte sinn oft eng Barrière, fir datt een en optimalen Déploiement vun de schnelle Réseaue kann entwéckelen.

Déi praktesch Fro drängt sech jo natierlech och op, wéi et konkret hei am Land ausgesäit mat de Leitungen an Uschlëss. Wéi gutt si mer da scho bis elo couvréiert, insbesonnesch mat de Glasfaseren, wat jo den Haaptkanal de transmission ass fir de schnellen Internet? Ass d'ganzt Land ofgedeckt?

Dat war och eng Fro, déi an der Kommissioun opgeworf gi war. Ech hat och de Membere vun der Kommissioun dee Link nach eng Kéier weiderschécke gelooss, wou ee kann op dem data.public.lu dat nokucken, d'Couverture. An do kënne mer awer trotzdeem feststellen, datt mer relativ gutt hei zu Lëtzebuerg couvréiert sinn. Ech huelen elo emol dat, wann ech elo ëmmer geschwat hu vun „ultra-haut débit", dat sinn eigentlech 30 Megabit an der Sekonn oder méi, wann een do déi Kaart hëlt, also wann een einfach déi Referenz vun 30 Megabit hëlt, da gesäit een awer, datt all déi rout Gemengen also do eng Couverture zwëschen 91% an 100% hunn.

(M. Eugène Berger montre une documentation.)

Op deem Internetsite kann een dat och pro Gemeng nokucken. Et sinn nach zwou, dräi Plazen, wou net „keen" Internetaccès ass, mä wou dann d'Vitesse vläicht net esou héich, oder den Débit net esou héich ass.

Wann een dann…

(Interruption)

Gelift?

Une voix.- Déi rout Gemenge si jo déi bescht?

M. Eugène Berger *(DP).*- Déi hunn alleguerten eng Couverture vun 91% bis 100% vun ultra-haut Débit.

(Interruption et hilarité)

Da gëtt et natierlech och nach Standarden driwwer. Mä dat, wat eis haut de Mëtte beschäftegt, dat ass eigentlech déi do Couverture, déi also gutt ass.

(M. Eugène Berger montre une autre documentation.)

Wat natierlech ass, wann een nach besser ass, dat ass dann déi blo Couverture.

(Exclamations, hilarité et interruption)

100, dat ass dann 100 Megabit bis 1 Gigabit, och do - dat ass also eng ganz héich Performance -, och do gesäit een, datt et awer iwwerall am Land schonn déck donkelblo ass. Dat ass also ganz zefriddestellend. Et sinn nach e puer Flecken, wou et méi hellblo ass, soudatt een do also nach…

Mä einfach fir ze soen…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ass do och d'Gemeng Diddeleng derbäi?

M. Eugène Berger *(DP).*- Déi ass och déck donkelblo, gesinn ech.

(Interruptions et hilarité)

Voilà. Nëmme fir mat dëse Kaarten awer ze illustréieren, Här President, datt also dat, wat mer hei als Obligatioun ustriewen, den ultra-haut Débit, 30 Megabit, datt deen also an all de Gemengen eng Couverture praktesch huet vun 91% bis zum Deel 100%, wou dat ofgedeckt ass.

Dat heescht awer och, datt mer nach mussen zum Deel weiderschaffen, fir also nach méi en héijen Débit ze kréien. Et heescht awer och, datt natierlech hei e puer Akteuren am Spill sinn. Dat ass natierlech LuxConnect, d'Post, wéi een och am klassesche Sënn seet. Et muss een awer och wëssen, fir an déi lescht Strooss an all Duerf, soen ech emol, dat eranzeleeën, brauch een natierlech och d'Gemengen, déi do matschaffen, well natierlech d'Aarbechten, fir déi Réseauen ze verleeën, well do natierlech och déi eng oder aner Aarbechten zum Deel an d'Kompetenze vun de Gemengen eraginn.

Déi Infrastrukturen, déi een dofir brauch, déi een do misst am ganze Land leeën, déi hunn natierlech och hire Präis. An ech mengen, dat ass jo och ee vun den Objeten oder den Objektiven hei vun där Direktiv, déi mer ëmsetzen. Dat ass eben, well de Käschtefacteur, fir all déi Leitungen ze leeën, besonnesch wann ee se all Kéiers misst nei leeën, immens héich ass, ass eben hei d'Iddi, datt ee soll hunn, datt een dat méi effizient a méi bëlleg mécht. Wéi kann een dat erreechen? Mä andeems een einfach op existéierend Infrastrukturen zréckgräift an déi versicht optimal auszenotzen. Ech mengen, dat sinn e puer vun den Haaptelementer dann och vun dësem Projet de loi respektiv vun der Direktiv.

Dat heescht, dat éischt grousst Zil, déi éischt Mesure am Projet de loi, déi regelt den Zougang zu deenen existéierende physeschen Infrastrukturen. An Zukunft ass et also méiglech respektiv och obligatoresch, wann ee schonn Netzbedreiwer ass vun esou Infrastrukturen, och aneren, ech soen emol „Firmaen", „Operateuren" den Zougang zu deenen Infrastrukturen ze erlaben.

Wat sinn dat fir Infrastrukturen? Dat si geméinlech, dat kënnen déi Fiberréseaue sinn, mä dat kënnen awer och aner Leitunge sinn. Et ass och eventuell méiglech duerch besteeënd Leitungen, ech soen emol einfach formuléiert: duerch elektresch Leitungen. Anscheinend ass et och méiglech, dat zum Deel un d'Kanalisatiounsleitungen ze integréieren, soudatt een also un aner Réseausleitunge vu verschiddenen Zorten dat da kann do dropmaachen. Dat awer mécht, datt een dat méi schnell ka leeën, datt een och méi schnell oder méi bëlleg dat da ka maachen.

Ech mengen, dat ass also a ville Fäll hei zu Lëtzebuerg de Fall, wou mer gutt Réseauen hunn, datt een also, wann een nei Réseauen oder de Glasfiber iwwerall wëllt hibréngen, datt een dat also op déi existéierend Réseauen do kann dropsetzen.

Bon, Operateuren an Zukunft, déi also de schnellen Internet ubidde wëllen, déi kënnen den Zougang zu deene besteeënde Réseauen ufroen. Eng Demande - dat sinn dann déi verschidden Elementer vum Projet de loi -, esou eng Demande däerf net refuséiert ginn, ausser et wieren objektiv Grënn derfir.

Wat wieren d'Grënn, fir esou eppes kënnen ze refuséieren, fir Informatiounen oder Zougang derzou ze kréien? Dat wier, wann et zum Beispill Installations sensibles wieren, déi am Intérêt vun der Sécurité nationale sinn. Et kéint awer och sinn, datt technesch Ursaachen de Fall wieren: wann een nach géif eng Leitung, ech soen emol „derbäileeën", datt dann do géifen déi besteeënd Leitung vum Glasfiber oder anerer gestéiert ginn an hirem Fonctionnement.

Wann eng Firma wëllt Zougang zu deenen existéierenden Infrastrukture kréien, da kritt se och d'Recht, fir Informatiounen ze kréien iwwert déi besteeënd Leitungen, de Standuert, de Wee vun deenen Infrastrukturen. An déi Informatiounen, déi mussen innerhalb vun zwee Méint geliwwert ginn.

Et wäert och esou sinn, datt an Zukunft all Akteure vum ëffentleche Secteur wäerten déi genannten Informatiounen, déi se hunn, op e Guichet unique setzen. Dat heescht, all déi Informatioune vun de besteeënde Leitungen, Glasfiber awer och anerer, kommen op e gemeinsame Portail an da kënnen d'Firmaen also och do direkt dann Zougrëff hunn, wa se interesséiert sinn, fir och Operateur ze ginn an de Leit esou eppes unzebidde vum ultra-haut Débit.

Bon, ech mengen, dat ass also och eppes, wat ee kéint ënnert d'Transparenzregel setzen, déi Iwwerschrëft driwwersetzen, éischtens d'Informatioune kréien an engem gewëssenen Délai an dann eben och, datt dann dee Guichet unique geschafe gëtt, fir do all déi Informatiounen da kënne schnell an transparent ofzeruffen.

En anert Element, dat wëssen d'Gemengemammen a -pappen natierlech och, dat ass, datt ee muss kucken, esou käschtespuerend ze si wéi méiglech bei deenen Infrastrukturen a wann een déi wëllt maachen, datt een dann d'Chantiere koordinéiert, d'Aarbechte koordinéiert. An dat ass also och hei an dëser Direktiv respektiv am Projet de loi e wichtegt Element, datt een do also Koordinatiounsaccorde muss kënnen erlaben, datt Aarbechten zesumme gemaach ginn. Mir kennen dat alleguerten: Den Trëttoir gëtt opgerappt, et gëtt eng Leitung drageluecht, Trëttoir zou. Fënnef Méint drop kënnt deen Nächsten: Trëttoir erëm opgemaach, erëm zougemaach. Dat ass bei de Leit och net ganz beléift! An hei gesäit also de Projet de loi vir, datt esou Koordinatiounsaccorde sollen erlaabt gi respektiv och praktesch sollen obligatoresch ginn.

E lescht Element vun dëser Direktiv, dat ass d'Obligatioun, fir bei allen Neibaute respektiv bei all Renovatioun, déi nom 31. Dezember 2016 ugefrot goufen, datt déi (veuillez lire: datt Infrastrukturen, fir un de Réseau ugebonne kënnen ze ginn) mussen obligatoresch an deenen neie Gebaier oder bei enger Renovatioun agebonne ginn. Ech soen elo hei 31. Dezember 2016, mir sinn zwar haut schonn am Februar, mä bon, vu datt vun deem Moment un d'Direktiv applikabel ass, kann een dat eigentlech och dobaussen am Prinzip akloen. Et ass awer schonn esou, datt och Circulairë geschéckt gi sinn, datt bei de Bautereglementer vun de Gemengen dat och schonn elo an deenen agefléckt ginn ass.

Bon, an der Praxis, mengen ech, ass et och esou, datt ech mer haut bal net méi virstelle kann, datt een, deen en neit Haus baut, oder wann Appartementshaiser gebaut ginn, datt déi net virgesinn, datt am Haus oder am Gebai kann den Internet ugeschloss ginn, dat heescht, ënnen am Keller d'Këscht respektiv d'Leitunge bis an déi eenzel Wunnengen. Dat ass eigentlech haut Standard. Mir schreiwen dat zwar an, hei an de Projet de loi hu mer et ageschriwwen, mä dat ass haut Standard. Ech ka mer net méi virstellen, datt haut iergende Bauhär dat net géif virgesinn. Dat schéngt mer also och manner de Problem ze sinn.

Do, wou kënnen Diskussiounen entstoen an der Praxis, dat ass bei der Renovatioun vun eeleren Haiser, wou et dann och obligatoresch ass, mä virun allem bei der Renovatioun vun eeleren, ech soen emol op gutt Lëtzebuergesch „Appartementshaiser", well et do awer vläicht dann net evident ass, datt all Copropriétairen doranner eens sinn. Duerfir ass och virgesinn an der Direktiv, datt also bis 2018 an all Copropriétéit, wou nach net den Internet à haut débit, den Accès dozou installéiert ass, datt déi dat mussen op den Ordre du jour bréngen - bis 2018 muss dat also do sinn -, fir datt do dann och eng Décisioun ka geholl ginn.

Dat ass eng Léisung, eng juristesch Léisung, déi mer zesumme fonnt hu mat der Commission juridique, vun do ass déi Propos eigentlech komm. Ech mengen, et war souguer eng Propos vun engem éirewäerten Deputéierten aus der Oppositioun, deen déi ganz sënnvoll Propos gemaach huet. An op alle Fall, an der Commission juridique war dat Unanimitéit, wëll ech betounen, fir op dee Wee ze goen, datt also dat eng Obligatioun ass, fir et op den Ordre du jour ze setzen, fir eben dann och kënne bei de Renovatiounsaarbechten dat ëmzesetzen.

Mä et ass och eng Exceptioun virgesinn: Wann déi Ëmbauaarbechte e Coût excessif hätten, da kéint een dat op der Säit loossen. Et muss een awer soen, an der Praxis, och bei Renovatiounen, soen ech emol, datt - graff gesot - eng Leitung vun der Strooss bis bei d'Haus leeën, wann déi nach net läit, an eng Këscht am Keller installéieren, déi net ganz grouss ass, an da Glasfiberen duerch en dënne Rouer, besteeënd Réier eranzéien, also dat dierft och net ze deier sinn.

Bon, zum Schluss dann awer och nach d'Prezisioun, datt fir all Litige, dee kéint bei deem Gesetz entstoen, den ILR, den Institut luxembourgeois de régulation, zoustänneg ass. Ech mengen, deen erfëllt all d'Ufuerderunge vun Onofhängegkeet, Onparteilechkeet. Déi hunn och den Know-how. Si hu jo och scho Kompetenzen an där Matière.

Bon, zum Schluss, ech mengen, ech ginn elo net speziell op déi verschidden Avisen an; besonnesch déi vum Conseil d'État, do ware mer mat zwou Navetten oder dräi Navetten amgaangen. Dat kënnt Der a mengem schréftleche Rapport noliesen. Ënner anerem ass et do ëm juristesch Froe gaangen am Kontext vun der Consultation publique bei den Infrastrukturaarbechten. Mir sinn eis awer och do eens ginn, mir hunn do d'Propositioune vum Statsrot iwwerholl.

Voilà, dat a groussen Zich d'Elementer; awer och nach eng Kéier wierklech den Appell, datt et wierklech wichteg ass, datt mer hei och an der Iddi vun dem Grondrecht vun dem Accès un den Internet dat esou schnell wéi méiglech ëmsetzen, fir datt dat wierklech hei zu Lëtzebuerg Realitéit gëtt. Ech hoffen duerfir op grouss Zoustëmmung a bréngen natierlech och den Accord vu menger Fraktioun an.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo déi éischt Riednerin: fir d'CSV d'Madamm Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Diane Adehm *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mëtteg steet mam Gesetzesprojet 6867 en zimlech technesche Projet un. De Rapporteur Eugène Berger huet e gudde schréftlechen a mëndleche Rapport gemaach an ech wéilt him duerfir och Merci soen.

Dëse Gesetzesprojet schreift sech an an d'«Stratégie nationale pour les réseaux à ultra-haut débit» aus dem Joer 2010 souwéi an d'Initiativ „Digital Lëtzebuerg" aus dem Joer 2014. Fir d'CSV war dës Strategie vum ëmgangssproochlechen „séieren Internet" ëmmer wichteg a si gouf och ëmmer van eise Kommunikatiounsministeren ënnerstëtzt. Och haut steet d'CSV nach ëmmer hannert dëser Strategie. Schliisslech ass dës Strategie d'Basis vum ICT-Secteur hei zu Lëtzebuerg.

Nëmme wa mir e performanten ICT-Secteur hei zu Lëtzebuerg hunn, kënne sech Kompetenznische wéi d'Biotechnologien, d'Ekotechnologien, d'Logistik oder d'FinTech entwéckelen. Déi sukzessiv Regierungen hunn an der Vergaangenheet an och haut nach ëmmer op den Ausbau vun dëse Secteure gesat. Aus dëse Grënn begréisse mir als CSV-Fraktioun och ausdrécklech de Gesetzesprojet 6867.

Bei dësem Projet handelt et sech, wéi scho gesot, ëm d'Ëmsetze vun enger europäescher Direktiv, där hiert Zil et ass, d'Käschten ze drécke vum Ausbau vum elektronesche Kommunikatiounsréseau à haut débit. Dës Direktiv hätt misse fir den 1. Januar 2016 a Lëtzebuerger Recht transposéiert sinn a si hätt missen den 1. Juli 2016 a Kraaft trieden. De Gesetzesprojet ass och am September 2015 an der Chamber deponéiert ginn an den éischten Avis vum Statsrot koum den 8. Dezember 2015. De Statsrot ass also an den Délaie gewiescht mat sengem Avis. Och dat sollt emol gesot sinn. Duerno ass de Gesetzesprojet awer leie bliwwe bis de 26. September 2016. An dunn huet et op eemol misse séier goen.

Op dësem Projet vun zwielef Artikelen huet de Statsrot net manner wéi siwen Oppositions formelles gemaach. Dës Oppositions formelles si gréisstendeels drop zréckzeféieren, dass d'europäesch Direktiv nëmmen deelweis an de Lëtzebuerger Text iwwerholl gouf. Duerch eng ganz Rei Amendementer gouf de Bedenke vum Statsrot Rechnung gedroen. D'CSV huet dës Amendementer och matgedroen.

Trotzdeem stellt d'CSV sech verschidde Froen:

Esou gesäit d'Direktiv am Artikel 4 vir, dass all Betrib, deen ëffentlech Kommunikatiounsréseauen ubitt, den Zougang huet zu enger ganzer Rëtsch Informatioune betreffend de Réseau vun all Netzbedreiwer. Allerdéngs kann e Memberstat den Zougang zu dësen Informatiounen aschränken, wann et ëm d'Sécherheet an d'Integritéit vun de Réseaue geet souwéi ëm d'national Sécherheet, ëm d'ëffentlech Gesondheet oder ëm d'Confidentialitéit oder de Secret commercial.

De Lëtzebuerger Législateur huet décidéiert, fir den Zougang zu Informatiounen iwwert de Réseau net anzeschränken, wann et ëm d'Confidentialitéit oder de Secret commercial vun engem Netzbedreiwer geet. Als Begrënnung gëtt ënner anerem gesot, dass d'Informatiounen iwwer Réseausinfrastrukturen hirem Besëtzer keen Avantage concurrentiel ginn.

Well dëse Punkt vun der Direktiv net obligatoresch ëmgesat muss ginn, huet de Statsrot keng Opposition formelle gemaach zum aktuelle Gesetzesprojet. Mä de Stasrot seet awer och, dass hie sech net mat der Erklärung vum Législateur auserneegesat huet. Mir fannen, dass de Législateur sech et e bëssen einfach gemaach huet, fir ze soen, dass déi Informatiounen iwwert d'Réseausinfrastrukturen hirem Besëtzer keen Avantage concurrentiel ginn.

Här President, an hirem Avis zu dësem Gesetzesprojet weist d'Chambre de Commerce drop hin, dass en Deel vun der Direktiv net transposéiert gouf. Et handelt sech ëm d'Obligatioun fir all ëffentlechen Netzbedreiwer, fir d'Informatiounen iwwer seng Réseausinfrastrukturen zur Verfügung ze stellen iwwer e sougenannten „point d'information unique". Och de Statsrot huet dëse Punkt opgeworf an drop higewisen, dass a sengen Aen dës Dispositioune vun der Direktiv missten transposéiert ginn.

A Form vun engem Amendement ass dësen Deel vun der Direktiv dann och am Gesetzesprojet 6867 bäigesat ginn. Allerdéngs gesäit den definitiven Text, esou wéi mir en haut stëmme sollen, vir, dass d'Informatiounen iwwert d'Réseausinfrastrukture misste spéitstens den 1. Januar 2017 disponibel sinn um Guichet unique électronique. Well mir den Text eréischt haut stëmmen an domadder dëse Gesetzesprojet den ëffentlechen Netzbedreiwer nach net opposabel ass, wéisste mir gären, wou dëse Guichet unique électronique drun ass.

Här President, dëse Gesetzesprojet gesäit och vir, dass d'Copropriétairë vun enger Residenz mussen ofstëmmen, ob an hirem Appartementshaus eng sougenannten „infrastructure d'accueil" fir de séieren Internet installéiert gëtt oder net. Am urspréngleche Text, esou wéi en an der Chamber deponéiert gouf, war virgesinn, dass all Locataire, wuelverstanen „Locataire", kéint dëse Punkt op den Ordre du jour vun der Generalversammlung vun de Copropriétairë schreiwen. De Statsrot huet dëse Punkt awer refuséiert a gemengt, dass de Locataire sech net an d'Generalversammlunge vun de Copropriétairen anzemëschen hätt.

(Brouhaha)

D'CSV begréisst dësen neien Text ausdrécklech! Mir hunn eis an der Kommissioun fir dësen neien Text agesat, well den urspréngleche Text, esou wéi vun der Regierung virgeschloen, wier fir eis en déiwen Agréff an d'Rechter vun de Propriétairë gewiescht.

A sengem zweeten Avis vum 24. Januar 2017 huet de Statsrot nach Oppositions formelles gemaach, well d'Direktiv a sengen Aen nach ëmmer net richteg ëmgesat wier. D'Kommissioun huet dunn den 30. Januar 2017 e Bréif un de Statsrot geschriwwe mat hire Konklusiounen, mä si huet net méi de ganzen Text un de Statsrot geschéckt. Et huet jo misse séier goen, well mir scho Verspéidung an der Ëmsetzung vun der Direktiv hunn.

Här President, fir d'CSV ass am Artikel 8, esou wéi en elo zréckbehale gouf, e Problem. De Gesetzesprojet gesäit vir, dass all Bau, wou d'Demande fir d'Baugeneemegung nom 31. Dezember 2016 bei der Gemeng agereecht gouf, muss bannendran esou équipéiert sinn, dass de schnellen Internet am Haus méiglech ass. Et gëtt keen Ënnerscheed gemaach zwëschen Appartementshaiser a privaten Eefamilljenhaiser. Dës Verflichtung zielt net nëmme bei engem Neibau, mä och fir gréisser Renovéierungsaarbechten, ausser et géif sech erausstellen, dass dëst zu onverhältnisméissege Käschte féiere géif, bei der Renovatioun wuelverstanen. All Résidence, wou d'Baugeneemegung nom 31. Dezember 2016 ugefrot gouf, muss och en obligatoreschen Zougang zum schnellen Internet hunn.

Dës Bestëmmunge werfe fir d'CSV eng Rëtsch Froen op: Kann e Gesetz iwwerhaapt esou eng réckwierkend Verflichtung virgesinn? Eiser Meenung no geet dat net. Dëst ass eng Retroaktivitéit, déi weder juristesch nach praktesch ze handhaben ass. Den Datum vum 31. Dezember 2016 steet wuel an der Direktiv, mä dëst legitiméiert awer nach keng Retroaktivitéit.

Hei huet d'Regierung sech ganz einfach net un den Délai vun der Transpositioun vun der Direktiv gehalen. Eng Verflichtung kann een eiser Meenung no net retroaktiv dem Bierger imposéieren.

Dëse Prinzip guttheeschen, géif zu enger grousser Rechtsonsécherheet féieren. Et si jo am Land eng ganz Rei Baugeneemegungen no dem 31. Dezember 2016 erdeelt ginn, och dër, wou d'Demande eréischt dëst Joer gestallt ginn ass. Wou konnten dann de Bierger respektiv den zoustännege Buergermeeschter dat wëssen? Sinn dës Baugeneemegungen dann elo illegal? Wat geschitt am Fall vun engem eventuelle Recours?

Et ass fir d'CSV och net kloer, wien dann iwwerhaapt fir d'Kontroll vun deenen neie Gesetzesbestëmmungen zoustänneg ass. Ass dat de Buergermeeschter oder ass dat eng staatlech Instanz? Kann de Buergermeeschter iwwerhaapt eng Baugeneemegung refuséieren, wann d'Konditioune vun dësem Gesetz fir de schnellen Internet net respektéiert goufen?

Oder iwwerschreit hien, am Contraire, seng Kompetenzen, wann hien op dës Verflichtunge pocht, déi am Gesetz an net am Bauteregement stinn?

A wéi wëllt ee kontrolléieren, ob en Haus e schnellen Internetzougang huet oder net? Wat fir Mëttele stinn engem Buergermeeschter, enger staatlecher Autoritéit iwwerhaapt zou? Weder hien nach eng staatlech Autoritéit ka jo wuel an d'Haus goen, fir ze préiwen, ob dann elo e schnellen Internet do ass oder net. Mir verlaange vum Minister duerfir eng kloer Äntwert op d'Froe vun der Retroaktivitéit a vun der Kontroll vun dëse Bestëmmungen.

Hei ass an eisen Aen alt nees en Dossier, wou ee sech net un den Transpositiounsdélai vun der Direktiv gehalen huet. Duerno gëtt dat Ganzt vun der Regierung total iwwert de Knéi gebrach. Souguer de Statsrot schéngt sech an deem ganze Kuddelmuddel vum Hin an Hier mat Amendementer zulescht och net méi erëmfonnt ze hunn, a mir riskéieren, zumindest op der Fro vun der Retroaktivitéit keng Dispens vum zweete Vott ze kréien.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Duerfir proposéiere mir als CSV...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Madamm Adehm, erlaabt Der...

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Jo.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Wat gelift? Neen! Ech stelle fest, dass mer dat riskéieren. Et ass keng Fro. De Statsrot sëtzt jo net heibannen!

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* Ech wollt just froen, well hei ass gesot ginn, d'Regierung hätt geträntelt: Wou louch den Dossier esou laang, bei eis an de Regierungsbänken oder an der Chamber?

(Brouhaha et interruptions)

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Also ech stelle fest, dass de Regierungsvertrieder de 26. September 2016 an d'Chamberskommissioun komm ass an eis du matgedeelt huet, dass deen doten Dossier wärend der Présidence iergendwou am Tirang am Ministère leie bliwwe wier an dass mer elo misste séier maachen. Dat ass alles, wat ech zu deem doten Thema soe kann!

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* Neen. Vum...

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Deen „Tirang", dat war déi Ausso vum Regierungsvertrieder an der Kommissioun. Ob deen Tirang elo am Ministère oder an der Chamber ass, dat kann ech lech net soen. Do musst Der Äre Vertrieder selwer froen.

(Interruption par M. Eugène Berger)

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* Den Dossier, ech wëll just soen, deen Dossier hei ass déposéiert ginn. Et ass en Avis vum Statsrot komm. Dir hutt et selwer gesot, de Statsrot huet rapidement...

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Jo!

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* ...och geschafft.

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Jo!

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* Fir eis ass et ganz wichteg, dass deen Dossier hei mat der Date butoir, déi dran ass, realiséiert gëtt!

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Jo!

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* An esou séier wéi méiglech!

Une voix.- Dat ass eben net geschitt!

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Mä do si mir ganz mat lech d'accord!

(Interruption)

Mä firwat ass den Dossier da vum Dezember 2015, wou de Statsrot säin Avis ginn huet,...

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* Mä wann en den Dezember 2015 - Madamm Adehm, dat ass jo meng Fro - en Avis ginn huet, dann ass jo e Projet de loi déposéiert ginn, jo oder neen?

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Mä...

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* Ass e Projet..., hei ass gesot ginn, d'Regierung hätt de Projet de loi net déposéiert. Wann hei gesot gëtt, dass am Dezember 2015 den Avis vum Statsrot kënnt, et ass rar, dass de Statsrot en Avis schreift, ier iwwerhaapt e Projet de loi déposéiert ginn ass! Dowéinst wollt ech just soen,...

Mme Diane Adehm *(CSV).-* De Projet de loi...

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* ...dass d'Regierung...

Mme Diane Adehm *(CSV).-* ...ass déposéiert ginn...

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* Ah, voilà! Ma dat ass dat, wat...

Mme Diane Adehm *(CSV).-* ...am September 2015. Am Dezember 2015 koum en Avis vum Statsrot. An am „September 2016" koum de Regierungsvertrieder an d'Kommissioun mat där doter Ausso a mat enger ganzer Rëtsch Amendementer op Basis vum Avis vum Statsrot vum Dezember 2015!

Une voix.- Et ass e bësse Kuddelmuddel!

(Interruption par M. Xavier Bettel)

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Jo, mä Dir hutt awer eng Majoritéit an der Chamber, Här Bettel.

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Neen, bei eis ass kee Kuddelmuddel! Mir wësse mat den Datumer, wou mer dru sinn.

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Deen huet awer eng Majoritéit.

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Soit! Ech géif da gäre virufueren an da soen, dass mir als CSV Amendementer haut déposéiere wäerten, fir d'Datumer vum 31. Dezember 2016 am Artikel 8 aus dem Gesetzesprojet erauszehuelen. Wann ech gelift.

Amendement 1

Le paragraphe 1er de l'article 8 du projet de loi sous rubrique est modifié comme suit:

«Art. 8 (1) Tous les bâtiments neufs au niveau des locaux de l'utilisateur final, y compris les éléments de ceux-ci en copropriété, pour lesquels des demandes d'autorisation de construire ~~ont été~~ sont introduites ~~après le 31 décembre 2016~~, doivent être équipés d'une infrastructure physique adaptée au haut débit située à l'intérieur du bâtiment et d'une infrastructure d'accueil. Cette obligation s'applique également aux travaux de rénovation de grande ampleur pour lesquels des demandes d'autorisation de construire ~~ont été~~ sont introduites ~~après le 31 décembre 2016~~.»

Amendement 2

Le paragraphe 2 de l'article 8 du projet de loi sous rubrique est modifié comme suit:

«(2) Toutes les maisons plurifamiliales neuves pour lesquelles des demandes d'autorisation de construire ~~ont été~~ sont introduites ~~après le 31 décembre 2016~~ doivent être équipées d'un point d'accès. Cette obligation s'applique également aux travaux de rénovation de grande ampleur concernant des maisons plurifamiliales pour lesquels des demandes d'autorisation de construire ~~ont été~~ sont introduites ~~après le 31 décembre 2016~~.»

Commentaire

Les amendements sous rubrique entendent supprimer la référence à la date butoir du 31 décembre 2016 prévue pour les demandes d'autorisation de construction de bâtiments neufs et de maisons plurifamiliales neuves, ainsi que les travaux de rénovation de grande ampleur y afférents.

Maintenir cette date butoir alors que (veuillez lire: dans) le texte sous rubrique reviendrait à donner aux dispositions de la loi une portée rétroactive, ce qui en l'espèce aurait pour conséquence que les demandes d'autorisation de construire ou toute autre demande visée, qui auraient été faites entre le 1er janvier 2017 et la date d'entrée en vigueur de la présente loi, seraient contraires aux dispositions légales. Pour des raisons de sécurité juridique, il est proposé de supprimer toute référence à une date précise. Les dispositions concernées s'appliqueront à partir du jour de l'entrée en vigueur de la loi.

(s.) Diane Adehm, Martine Hansen, Martine Mergen, Octavie Modert, Gilles Roth.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci.

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias.-* Just, Här President, och nach, wann ech dat d'Madamm Adehm dierf froen: Kënne mir en Text maachen, dee konträr zu enger Direktiv ass?

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Wann ech gelift! Wann ech gelift! Ech mengen, d'Regierung kritt jo all Méiglechkeet, fir herno ze äntwerten. Mir loossen elo d'Madamm Adehm hir Interventioun fäerdeg maachen. A wann d'Regierung dat wënscht, kënne mir ganz genee nokucken, wou de Projet eventuell a wat fir engem Tirang hänke bliwwen ass. Wann dat gewollt ass, maachen ech dat ganz gär! Merci!

(Interruptions diverses)

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Merci, Här President.

(Interruptions diverses)

De Syvicol proposéiert a sengem Avis, den Term «maisons plurifamiliales» am Gesetzesprojet duerch den Term «immeuble d'habitation de type collectif, bi-familial ou plurifamilial» ze ersetzen. Dëst ass den Term, deen och am Gesetz iwwert den Aménagement communal et le développement urbain benotzt gëtt. D'CSV-Fraktioun stëmmt deem zou. Esou wier d'Terminologie méi kohärent gewiescht an den eenzelne Gesetzestexter.

Här President, ofschléissend wéilt ech nach eng Kéier widderhuelen, dass mir als CSV dëse Gesetzesprojet ausdrécklech begréissen!

Une voix.- Aah!

Mme Diane Adehm *(CSV).-* Geneesou ausdrécklech wëll ech awer och soen, dass de beschte Câblage an Neibauten net vill notzt, wann den Netzbedreiwer de séieren Internet dann net och liwwere kann.

Här President, well mir als CSV Bedenken hu betreffend den Artikel 8 mat de Baugeneemegunge fir Neibaute respektiv de gréissere Renovatioune vu besteeënde Gebaier fir d'Iwwergangszäit tëschent dem 1. Januar 2017 an dem Akraafttriede vun dësem Gesetzesprojet wäerte mir eis bei dësem Vott enthalen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och der Madamm Adehm. An nächsten... Jo, eng Prezisioun zu den Tiräng?

(Hilarité)

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.-* Neen, Här President, ech wollt..., bon, ech hätt eigentlech och kënnen der Spriecherin vun der CSV Froe stellen, mä ech wollt einfach zwou Prezisiounen awer ginn, déi hei gesot gi waren (veuillez lire: zu deem, wat hei gesot ginn ass).

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Jo, mä a wat fir enger Prozedur si mer hei?

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.-* Ma de Rapporteur, dee wëllt awer eppes preziséieren, wat vläicht virdrun nach net richteg...

(Brouhaha)

...richteg verstane gi war.

(Interruption)

Une voix.- An en huet nach Zäit.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.-* Dat hat ech och näämlech a mengem Rapport, an dat steet och a mengem schrëftlechen...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Just zu der Prozedur: De Rapporteur ka jidderzäit intervenéieren.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.-* Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Just de Rapporteur.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.-* Jo.

Une voix.- Ex-Chamberspresident an...

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ech soen lech och direkt den Artikel.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.-* Ech mengen, et war e puermol rieds gaange vun der Spriecherin, datt mer net d'Direktiv eent zu eent - soen ech emol - ëmgesat hunn, wat ech awer net kann akzeptéieren, ënner anerem och mam limitéierten Accès. Ech mengen, ech hunn dat och a mengem Rapport gesot gehat, datt ënner anerem, wann et ëm d'Sécurité nationale geet, mä et sinn nach e puer aner Déngen och, datt een do kann den Accès zum Beispill limitéieren. Dat steet och a mengem schrëftleche Rapport.

Da wéilt ech awer och nach eng Kéier soen, datt och dee Fait, dat hunn ech och preziséiert gehat a mengem Rapport, datt effektiv deen Datum vum 31. Dezember drasteet, mä datt mer awer musse wëssen: Egal wéi, d'Direktiv ass applikabel! Dat sinn Datumer, déi an der Direktiv stinn.

A mir hunn dat och scho bei anere Gesetzer gemaach - an dann huelen ech eigentlech och scho Stellung zum Amendement -, mir hunn dat zum Beispill bei der Direktiv, déi mer ëmgesat hunn am Bezuch vum Crédit immobilier. Do hu mer och Saachen drageschriwwen, well an där Direktiv, do stoung 31. März 2016, a wann ech et richteg an Erënnerung hunn, hu mer dat och an eise Projet de loi geschriwwen, well egal wéi de Bierger dobaussen dat och kann akloen, och wa mir elo d'Gesetz vläicht ee Mount méi spéit stëmmen. An duerfir war dat och d'Ursaach, datt mer et an d'Gesetz ageschriwwen hunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Sou, an elo huet d'Wuert den Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten *(LSAP).-* Merci, Här President. Als Alleréischt géif ech dann och gären dem Kolleeg Eugène Berger Merci soe fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport. Ech wäert mech elo net hei bedeelegen un där Diskussioun, wou wie wat a wéi een Tirang geluecht huet a wéi laang net opgemaach huet a wien dorunner schold ass. Ech mengen, dass et eis als Partei dru geleeën ass, dass mer virukommen an deem Dossier an dass mer déi Infrastrukturen, déi do gebraucht ginn, dass mer déi och gäre séier hätten. An dofir wäerte mir dee Projet de loi hei stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Merci, Här President. Fir d'Ëischt wollt ech just nach dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. En ass och op déi technesch Detailer agaangen. Dat mécht mir d'Aarbecht méi liicht, da brauch ech net drop anzegoen.

Ech wollt awer och, well en esou gentil war, eng Rei Kaarten ze weisen: Hei ass déi Kaart vun 30 Megabit/Sekonn.

(M. Claude Adam montre une documentation.)

An en huet och déi hei gewisen, dat ass déi vun 100 Megabit/Sekonn.

(M. Claude Adam montre une deuxième documentation.)

En huet awer leider net déi hei gewisen.

(M. Claude Adam montre une troisième documentation.)

(Hilarité et exclamations)

An do gesäit een - hanner mengem Hiem verschwënnt se bal -, dat ass dann déi vun 1 Gigabyte/Sekonn. An do gesi mer och, datt mer scho relativ wäit si bei eis am Land. Dat ass déi gréng, et ass wéi mam 100-Euro-Schäin, deen ass och gréng, dee soll een dann och kënne weisen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Et ass awer kee Sondage fir d'Gemengewahlen.

(Hilarité)

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Nee, Här President, dat hunn ech och net ënnerstallt.

Mat dem Projet de loi setze mer d'EU-Direktiv 2014/61 ëm. An de Projet ass schonn den 3. September 2015 déposéiert ginn. D'Direktiv hätt missen de Januar 2016 ëmgesat ginn. Mir hunn also ee Joer Retard. Dat ass festgestallt ginn. An ech maachen et wéi den Här Cruchten: Ech hale mech eraus aus der Debatt, wou dat hierkënnt. Ech si frou, datt mer haut dat Gesetz um Ordre du jour hunn an datt mer et haut och wäerte votéieren, wa mer dann eng Majoritéit kréien.

An eigentlech ass et jo erstaunlech, datt mer mat der Ëmsetzung vun der Direktiv esou wäit hannendra sinn, well mir si jo eigentlech bei eis am Land scho vill méi wäit wéi dat, wat mer hei an der Direktiv ureegen. An och do sinn ech eigentlech nach vill méi optimistesch, wéi de Rapporteur et war. Mir stëmmen haut e Gesetz, ech zitéieren aus dem Titel «à réduire le coût du déploiement de réseaux de communications électroniques à haut débit», a mir si scho laang zu Lëtzebuerg op där Schinn, fir eist Netz fir den haut Débit a souguer den ultra-haut Débit auszebauen. An ech géif behaapten, datt Lëtzebuerg dat gutt mécht!

E klenge Problem besteet natierlech scho bei der Definitioun. Wat versteet een dann eigentlech ënner Internet „à très haut" oder „ultra-haut débit"? Laut ILR kënne mer schonn ab 30 Megabit/Sekonn vun engem schnellen Internet schwätzen. A wa mer bei där Definitioun bleiwen, da si mer zu Lëtzebuerg schonn eigentlech exzellent couvréiert. Praktesch an 100% vun de Gemengen hu mer déi 30 Megabit/Sekonn.

A wa mer eis domat géifen zefridde ginn, da bräichte mer och net méi vill ze investéieren, dat packe mer nach mat eisen ale Kofferleitungen. Awer mir ginn eis natierlech net domat zefridden, obschonn et, an dat muss een awer och soen, a ville Géigende vun Europa déi dote Leeschtung nach guer net gëtt. Dat mierkt een, och mir mierken dat, wa mer emol am Ausland sinn, da wonnere mer eis heiansdo oder gi mer drun erënnert, wéi wäit datt mir awer schonn hei zu Lëtzebuerg un der Spëtzt sinn, wat schnellen Internet ugeet.

Wa mer dann op 100 Megabit pro Sekonn ginn - an do geet de Koffer net méi duer -, do brauche mer dann en Antennekabel oder de Koaxialkabel oder eben da Glasfiber - mä déi aner ginn och schonn duer -, da gëtt et natierlech e puer méi Plazen hei am Land, virun allem am Osten an am Norden, wou nach däitlech Lacunne sinn. A wa mer eropginn op 1 Gigabit/Sekonn - dat ass dann déi gréng Kaart, déi ech lech gewisen hunn -, do gesäit een dann, datt eis awer nach vill Aarbecht opsteet.

Laut dem Rapport vum ILR, dem Institut luxembourgeois de régulation, erreeche mer am Joer 2016 ronn 51% vun de Gebaier a Logementer mat Glasfiber. An och, wann dat nach 49% sinn, déi feelen, da muss een trotzdeem soen, datt dat eng staark Leeschtung ass. Mir leien am Spëtzepeloton, wat den Ausbau vu Glasfiber ass. A wann een international Vergläicher kuckt, da sti Länner wéi Südkorea oder Norwegen oder Schweden oder Japan un der Spëtzt. Mä wann een awer kuckt, wat dann deenen hir duerchschnëttlech oder déi maximal Vitesse ass, da géif ech souguer mengen, datt Lëtzebuerg absolutt topp ass!

Eigentlech géif ech gäre behaapten, datt mir absolutt un der Spëtzt sinn, wat d'Verbindung mat schnellem Internet ugeet. Dat ass eng Strategie vun dëser Regierung. Dat war natierlech och schonn eng Strategie vun de Regierunge virdrun. Dat ass ganz kloer d'Aarbecht vun der Firma LuxConnect - a LuxConnect gëtt et ëmmerhin zënter 2006 -, déi dréit hir Friichten an dat ass gutt esou!

Aus dem Rapport vum ILR geet ervir, datt 2016 d'Raccordementer vun der Glasfiber ëm 31.300 Raccordementer eropgaangen sinn. Dat si 27,9% an zwielef Méint, wou déi Verbindungen eropgaange sinn. Interessant ass och, datt den historeschen Ubidder vum Internetaccès nach ëmmer zwee Drëttel vun de Clienten zerwéiert. Ech mengen, Dir wësst, wien den historeschen Ubidder ass. Mä awer och, ëmmerhin ass et keng Monopolstellung, well ëmmerhin 33% vun den Operateure sinn anerer wéi den Opérateur historique.

Firwat sinn déi gréng dann elo der Meenung, datt den Ausbau vum schnellen Internet esou wichteg ass? Majo, de schnellen Internet ass wichteg am Kader vun der drëtter industrieller Revolutioun. Dat läit op der Hand. D'Iddi vun der drëtter industrieller Revolutioun vum Rifkin ass jo, fir vun engem op Carbone baséierte Wirtschaftsmodell, deen op déi zweet industriell Revolutioun zréckggeet, erofzekommen an eise Wirtschaftsmodell méi nohalteg ze gestalten. An dobäi solle folgend dräi wichteg Entwécklunge genotzt ginn, déi ee gescheit ka matenee verbannen: éischtens d'Notzung vun erneierbaren Energien, zweetens nei Transport- a Logistikmodeller, zum Beispill Elektromobilitéit, multimodal Logistik, a schlussendlech déi nei Informatiounstechnologien an deem neien Zäitalter. A verbonne gi se duerch den „Internet of things", „Internet des objets".

Déi drëtt industriell Revolutioun ass also eng Revolutioun, a mengen Aen éischter e Prozess, deen duerch eng ëmmer méi héich vernetzt Welt zustane kënnt. Dës Vernetzung erfollegt selbstverständlech duerch d'Notzung vum Internet. Duerch Sharing Platform, d'Generatioun vu Big Data an esou weider an esou fort wäert den Internet eng ëmmer méi wichteg Roll spillen, fir eise Wirtschaftsmodell an eist Konsumverhalen ëmmer méi nohalteg a carbonefräi ze gestalten.

Natierlech ass déi digital Welt och kee Schlaraffeland. Natierlech musse mer oppassen, fir den digitale Prozess sozial ze begleeden. Et gëtt och den „digital divide", d'Verléierer vun der digitaler Oprüstung: Engersäits déi eeler Leit, déi net matzéie kënnen oder wëllen - och wann et natierlech och vill eeler Leit gëtt, déi topp an der digitaler Welt eens ginn -, an et gëtt déi Leit, déi aus finanziellen oder sozialen Ursaachen net kënne matzéien. An et gëtt déi geografesch Ausgrenzung: Den Zougang ass a Ballungsgebidder méi einfach, dat heescht, méi käschtegënschteg ze realiséiere wéi am ländleche Raum. Hei ass d'Politik gefuerdert. An ech mengen, datt d'Politik hei hire Match mécht.

Gëschter war de Safer-Internet-Dag. Och dat ass e Sujet, dee vu ganz grousser Bedeitung ass. Wann ëmmer méi vum Internet ofhänkt, dann ass et wichteg, datt mer eis géint Pannen an Hacker schützen. Netzneutralitéit ass en anere wichtegen Aspekt vun der Internetkonnexioun.

Wa mir weltwäit un der Spëtzt leien, wat d'Verbesserung mam schnellen Internet ugeet, dann ass dat gutt. A wann d'EU-Gemeinschaft sech fir e käschtegënschtegen Ausbau vun de Verbindungen asetzt, dann ass dat och gutt. Néierens weist sech esou däitlech, datt en eenzelt Land kleng ass an datt mer mussen an Europa zesummeschaffen, fir eis ze behaapten, wéi am Internet.

Ech hunn och der Vertriederin vun der CSV natierlech ganz andächteg nogelauschtert. An ech kann hir Bedenken engersäits verstoen, anerersäits wëll ech awer och drop hiweisen, datt schonn haut all Haus, wat en Antennenuschloss huet, och d'Méiglechkeet huet, fir de schnellen Internet an d'Haus ze kréien, soudatt ech hir Bedenken, wat den Artikel 8 vun dësem Gesetz ugeet, net muss matdroen. Natierlech bleift eng gewëssen Onsécherheet, wat d'Retroaktivitéit vum Gesetz ugeet, do kann dann de Minister drop agoen.

Ech wäert op alle Fall den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi heimat ginn. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Jo, Merci, Här President. Ganz kuerz: Mir als ADR wäerten dësem Projet net zoustëmmen. Vill Onzoulänglechkeete goufe scho genannt, speziell vum Diane Adehm. Déi wichtegst an déi schlëmmst fir eis ass, datt haut Leit gezwonge ginn, Investitiounen ze tätegen an Immeublen, obwuel se nach guer net op esou en Internet à haut débit kënnen zréckgräifen.

Dat geet fir eis an déi Richtung, déi iergendwéi sou wéi e roude Fuedem duerch alles geet: datt de Bau systematesch méi deier gemaach gëtt - an dësem Fall alt nees eng Kéier onnéidegerweis méi deier gemaach gëtt - fir eppes, vun deem d'Leit direkt guer net kënne profitéieren. Et ass also net „réduire le coût", mä et ass „augmenter le coût" vum Logement, zumindest a gewëssene Géigende vum Land. An dat ass fir eis net akzeptabel.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Reding. Mir sinn domat um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet de Premier- a Medieminister, den Här Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Ministre des Communications et des Médias*.- Här President, ech soen lech Merci fir d'Wuert. Ech wëll och dem Rapporteur direkt Merci soe fir d'Presentatioun, de mëndlechen an de schréftleche Rapport vun dësem Projet de loi.

Et ass, wéi gesot ginn ass, d'Transpositioun vun enger Direktiv. Ech soen och menge Servicer Merci, well déi Direktiv ass, wéi gesot, an den Délaien déposéiert ginn. Selbstverständlech huet och mat der Présidence, sou wéi dat och eng Realitéit war, bei verschiddenen Dossiere manner séier kënne geschafft ginn. Mä dofir wëll ech awer de Servicer Merci soen - mat deene Moyenen, déi mer hunn - fir déi Présidence, déi mer fäerdegbruecht hunn, a fir déi Dossieren awer alleguerte matzäit erabruecht ze hunn.

Et geet hei iwwert d'Reduktioun vun de Käschte fir den Déploiement vum ganz schnellen Internet. De But ass, dass d'Teleoperateure méi einfach, méi schnell de rapiden Internet bei d'Leit heem kënne bréngen. Mä et sinn och regulatoresch Obstakelen, déi ofgebaut ginn. A fir eis ass et och virun allem wichteg, d'Koordinatioun bei de Chantiere besser ze maachen. Ech weess - aus engem viregte Liewen -, dass d'Leit vill Schwieregkeeten hunn ze verstoen, wann een ee Mount den Trottoir opmécht an da véier Méint duerno nees eng Kéier den Trottoir opmécht fir dann d'Fibre optique, wou d'Leit soen: „Konnt Der dat net zesumme maachen?". Dat heescht, dass eng Koordinatioun do ganz, ganz wichteg och ass.

Et geet awer net duer, dass d'Infrastrukturen an der Strooss leien. Si mussen och nach bis an de Keller kommen. A vum Keller musse se och nach bis an d'Appartement kommen. Dat ass eng Realitéit. A mir gesinn och, dass et - hei si Behaaptungen -, dass et wichteg ass, dass ee fir d'Éischt am Fong d'Fibre optique an der Strooss huet, ier een eppes Frësches baut.

Ech wëll just, Här President, hei de Lien maache mam Chicken a mam Egg. Selbstverständlech kann ee soen: Soulaang d'Leit net den Internet doheem an der Stuff hunn, firwat solle se dann eng Struktur preparéieren? Mä wa frësch gebaut gëtt, sinn eng Gaine fir Fibre optique an eng Steckdous vill méi bëlleg, wéi wann d'Fibre optique bis geluecht gëtt, fir alles frëschzemaachen, futtizemaachen an dann eng nei Saach eranzebréngen. Dat heescht, déi Argumentatioun, déi vu verschiddene Leit geholl ginn ass, fir ze soen: „Jo, d'Leit, wa se frësch bauen, hei kréie se Frais supplémentaires!". Ma si si ganz frou - well et ass an hirem Intérêt, well duerno wëlle se d'Fibre mam rapiden Internet -, dass se dann och direkt scho kënnen do déi preparéieren.

Et si just e puer Saachen, déi och fir mech wichteg sinn ze soen, justement iwwert d'Fibre optique: dass d'Raccordementer an der Fibre optique an de Logementer an och an deene verschiddene Lokaler op 143.400 eropkomm sinn. Dat heescht, et ass eng Croissance nette vun 31.300 Raccordementer, déi an zwielef Méint elo geschitt ass. Dat ass e Plus vu 27,9%! Mir gesinn och, dass d'Raccordementer en fibre optique bis bei den Trottoir 251.100 sinn. Dat ass eng Croissance vun 23.400 an zwielef Méint, dat heescht eng Hausse vun 10,3%.

Da sinn nach zwee, dräi Punkte just, fir kloer drop anzegoen. Um guichet.lu fannt Der alles, déi Punkten, déi Der gesot hutt vum Guichet unique, déi gëtt et um guichet.lu, wou de Registre vun den Infrastrukturen och ze fannen ass. Dat heescht, dat ass eng Realitéit.

Dann deen anere Punkt vum Datum: D'Direktiv gesäit en Datum vir. Wéi gesot, mir hätte selbstverständlech alleguerte léiwer gehat, d'Direktiv wier schonn éischter ëmgesat ginn an den Text wier ëmgesat ginn. Mä hei ass selbstverständlech net eng Responsabilitéit vum Buergermeeschter, déi hei géif mat eragezu ginn, mä am Fong eng tëschent dem Promoteur an dem Propriétaire, deen am Fong en Appartement kaaft hätt, wou d'Demande tëschent dem 1. Januar an der Entrée en vigueur wier. Do kéint e Contentieux entstoen, mä ech muss lech awer soen, dass dat - ech hoffen - net de Fall wäert sinn.

Mä wéi gesot, eis Servicer hunn eis gesot, dass dat awer net géif mat sech bréngen, dass d'Autorisatiounen, déi nom 31. Dezember 2016 eragereecht gi wieren, caduc gewiescht wieren, a wéi gesot, wann hautdesdaags ee baut, dat gleewen och eis Servicer net, dass iergendee baut, ouni scho souwisou eng Gaine virgesinn ze hunn. Dat heescht, dass de Risk, dass et e Contentieux kéint ginn tëschent engem Promoteur an engem Propriétaire, och an deem heite Fall ganz minim ass.

Ech soen op jidde Fall all de Leit Merci, déi dëse Projet ënnerstëtzen. Deen ass riicht an der Linn vun deem, wat mer als Land alleguerte gesot hunn: Mir wëllen en digitale Champion sinn. Digitale Champion heescht, dass och en ultrahaut Débit pour tous sollt sinn. A mir wëllen dat wierklech an dee wëlle mer och am Kader vun eiser Politik vun „Digital Lëtzebuerg" virgesinn, dass bis d'Joer 2020 all Haushalt mat enger Vitesse vun 1 Gigabit pro Sekonn ausgestatt gëtt. Da kënne mer wierklech vun enger digitaler Natioun a vun engem „Digital Lëtzebuerg" schwätzen. Mir schaffen drun.

An ech wëll och, well et och schonn hei gesot ginn ass vun deem engen oder vun deem aneren, ech wëll och soen, dass dat eng Politik ass, déi vun der viregter Regierung geholl, gemaach ginn ass a vun dëser Regierung geholl ginn ass. Mir mussen an dat investéieren, wat och d'Leit froen, wat d'Leit brauchen. An deen Zuch kënnt net zéngmol laanscht. Mir sinn um Quai. Mir hunn d'Chance, dass mer fréi dropgesponge sinn, dass mer d'Infrastrukturen hunn.

A wa ganz vill Betriber haut op Lëtzebuerg kommen, ass et, well mer déi geografesch zentral Plaz hunn, déi Sécherheet vun den Infrastrukturen - wann ech zum Beispill vun Tier IV schwätzen -, a virun allem och e Land sinn, wat connectéiert ass. Dofir och e grousse Merci fir d'Zoustëmmung zu dësem Projet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. A mir géifen dann zum Vott iwwert de Projet de loi...

Amendements

Plusieurs voix.- An d'Amendement?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ah jo. Richteg. Merci. Mir géifen dann iwwert...

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Déi sinn awer nach net ausgedeelt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wat gelift?

Une voix.- Se sinn nach net ausgedeelt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Majo, dat ass eben de Problem gewiescht.

Une autre voix.- Wien huet déi?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Hei ass en.

(Brouhaha)

Jo. Nee, mir hunn en.

Mir kommen da bei den Amendement. Gëtt den Amendement nach eng Kéier motivéiert, oder kënne mer dervun ausgoen, dass e motivéiert ass?

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Här President, ech wollt...

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Mir hunn en net. Jo.

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Här President, ech wéilt just ganz kuerz nach eng Kéier betounen, den Här Berger huet virdrun drop geäntwert, dass dat mam Datum net esou dramatesch wier, dass dat och gesot ginn ass bei där Direktiv, déi ëmgesat ginn ass, wann e Remboursement anticipé vun engem Prêt gemaach gëtt. Et muss een awer en Ënnerscheed maachen.

Bei deem Remboursement anticipé vun engem Prêt, do sinn d'Rechter vum Bierger gestäerkt ginn. A bei deem heite Gesetz geet et eigentlech drëm, fir Flichte fir Bierger ze kreéieren. An ech mengen, do muss een awer ganz kloer en Ënnerscheed maachen. Och wann een den Avis vum Statsrot kuckt bei dem Remboursement anticipé vun de Prêten, do seet de Statsrot näämlech ganz kloer: «Le Conseil d'État se prononce toujours contre une application rétroactive de dispositions légales dès lors qu'elles risquent d'affecter des situations juridiques acquises.» Ech wéilt dat just nach eng Kéier soen.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur*.- Jo, Merci, Här President. Vläicht nach eng Kéier zwou, dräi Remarquen. Ech hätt och léiwer gehat, wann deen Amendement wärend den Aarbechte respektiv virum Vott vum Rapport an der Kommissioun presentéiert gi wier, dann hätt ee vläicht kënnen driwwer diskutéieren, amplaz elo an der leschter Sekonn.

Déi zweet Remarque ass déi, ech hunn dat virdru schonn erkläert, datt dat en Datum ass, deen och an der Direktiv steet, deen egal wéi applikabel ass. Duerfir hu mer en och an d'Gesetz geschriwwen. An och de Statsrot hat domadder kee Problem, soss hätt en do eng Opposition formelle gemaach.

A véiertens hu mer dat och schonn an aneren Texter gemaach. Duerfir géif ech der Chamber recommandéieren, fir net den Amendement unzehuelen, mä den Originaltext ze stëmmen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, Madamm Adehm.

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Also ech muss awer nach eng Kéier op déi Datumen zréckkommen. Dat doten ass alles extrem séier gaangen. Mir hunn den 30. Januar 2017 e Bréif dohinnergeluecht kritt. Dunn hu mer an der Kommissioun gesot kritt: „Et ass alles mam Statsrot ofgekläert. Deen dote Bréif geet an de Statsrot an dee geet duerch a mir kënnen d'Gesetz stëmmen."

Mir sinn awer nach ëmmer der Meenung, dass de Statsrot net nach eng Kéier de ganzen Text dohinnergeluecht kritt huet. De Statsrot huet hei just dee Bréif dohinnergeluecht kritt, wou guer net vum Datum vum 1. Januar 2017 respektiv deem vum 31. Dezember geschwat ginn ass.

(Interruption)

An hei geet et einfach ëm eng retroaktiv Flicht fir Bierger. An et muss ee sech domadder auserneesetzen. An de Statsrot hat jo net d'Geleeënheet, fir dat ze maachen!

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur*.- Dat ass falsch!

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Neen, dat gesinn ech awer net esou! Dat heiten huet einfach missen duerchgebaatscht ginn, fir et nach séier ze stëmmen. Net méi an net manner!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, d'Madamm Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Här President, Merci. Ganz kuerz. Also, ech muss awer trotzdeem elo hei d'Wuert huelen als President vun der Kommissioun, well hei geet et elo awer ëm den Discours de la méthode.

Éischtens wollt ech eppes soen,...

(Hilarité)

...ech wollt lech eppes soen.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift!

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Dir sidd ëmmer an der CSV... Op all de Welle jéimert Der, dass mer Är Amendementer net unhuelen!

Mme Lydie Polfer *(DP)*.- Très bien!

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Mir hunn an dëser Kommissioun all zesummen e ganze

Koup Amendementer ugeholl, wou mer den Text verbessert hunn, mat Guichet unique, mat der Locatioun.

Ech hunn lech selwer proposéiert, de ganze Problem an d'Commission juridique ze ginn. Dir waart d'accord. Dir hutt an der Commission juridique à l'unanimité Propositioune matgestëmmt, déi mer gemaach hunn. Mir kréien et zréck! De Statsrot hat dee ganzen Text eng Kéier gekuckt. De Statsrot huet de ganzen Text eng zweete Kéier gekuckt. An do waren alleguerten déi Punkten do dran!

Do waren déi dräi Rectification-matériellen. Dunn hu mer e Bréif gemaach, an dunn hu mer gesot: „Mir froen elo: Geet dat do duer oder hätt Der gär Amendementen?" Dunn huet de Statsrot eis gesot: „Den Text ass fir eis an der Rei." An Dir hutt jo den Text gelies, well de ganze Rescht ass vum Statsrot total ofgeseent ginn. An indépendamment vun der Urgence: Et ass e ganz wichtegen Text! De Statsrot huet e ganz genau geprüft!

A wat Der net gesot hutt: Den ILR ass dat grousst Kontrollorgan. Dat geet aus all den Artikelen hei eraus. Dat hutt Der zum Beispill net ernimmt. Dir dierft dann awer net heibanne Zizanie maache vu Saachen, déi Der an der Kommissioun matstëmmt!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Den Text ass esou an der Rei! Merci.

Plusieurs voix.- Très, très bien!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Ech mengen, domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun a mir wären an der Lag, iwwert deen Amendement, deen och an der Zwëschenzäit un d'Fraktiounscheffe gaangen ass an och elo ënnerwee ass un all d'Membere vun der Chamber, ofzestëmmen. Dat ëmsou méi, well den Inhalt liicht verständlech misst sinn. Hei geet et drëm, fir eng Date butoir ze sträichen oder se net ze sträichen. An ech mengen, mir si prett, fir ofzestëmmen.

(Interruption)

Jo, da misste mer een nom aneren ofstëmmen. Mir mussen awer zweemol ofstëmmen, well et zwee Amendemente sinn.

Amendement 1

Mir géifen also fir d'Éischt iwwert den Amendement 1 ofstëmmen. Deen, dee mam Amendement d'accord ass, stëmmt mat Jo, an deen, déi géint den Amendement ass, mat Neen.

Vote sur l'amendement 1

An d'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

A mer hunn 28-mol Jo. A wann dem Här Adam seng Maschinn net gaangen ass a mer huelen déi derbäi, ass et 32-mol Neen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Amendement 2

Da géife mer zu der Ofstëmmung iwwert den zweeten Amendement iwwergoen. Dee betrëfft de Paragraf 2 vum Artikel 8. An nach eng Kéier datselwecht, wat d'Ofstëmmung ugeet: Déi, déi derfir sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi dergéint sinn, mat Neen. Wann ech d'Ofstëmmung elo ka lancéieren... Voilà! Mir si prett.

Vote sur l'amendement 2

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Ech stëmmen nach eng Kéier mat Non.

Une voix.- Ech och!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Et ass elo awer gaangen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, ech mengen, Dir hutt gestëmmt,...

Une voix.- Hie wollt séchergoen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- ... well ech hunn hei 60 Stëmmen.

D'Resultat ass och net iwwerraschend: 28-mol Jo, 32-mol Nee. Domat ass och deen zweeten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

A mir géifen zum Vott - ech maachen dat elo e bësse méi lues - iwwert den Ensembel vum Projet de loi iwwergoen. Voilà! Déi, déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, an déi, déi net derfir sinn, mat Neen oder Enthalung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6867 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. A schonn ass de Vott fäerdeg.

33-mol Jo, a 26 Abstentiounen. Domat ass de Projet 6867 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6867 est adopté par 34 voix pour et 26 voix contre.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci.

(Interruption)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen dann zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 6704. Dat ass dat sougenannt Omnibusgesetz. A wann ech et net géif soen, da géif den Här Bodry et soen: Dat huet näischt mam Tram ze dinn, mä et huet eppes mat der administrativer Vereinfachung ze dinn, mat der Vereinfachung vu Prozeduren. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Yves Cruchten.

3. 6704 - Projet de loi dite «Omnibus»

portant modification:

a) de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;

b) de la loi du 30 juillet 2013 concernant l'aménagement du territoire;

c) de la loi du 22 octobre 2008 portant promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes;

d) de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles;

e) de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau;

f) de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

g) de l'article 44bis du Code civil;

h) de la loi du 18 juillet 1983 concernant la conservation et la protection des sites et monuments nationaux;

i) de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

j) de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national;

k) de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés;

et abrogeant:

a) l'arrêté grand-ducal modifié du 13 août 1915 portant règlement du service des femmes dans les hôtels et cabarets;

b) l'arrêté grand-ducal du 15 septembre 1939 concernant l'usage des appareils radiophoniques, des gramophones et des haut-parleurs

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

M. Yves Cruchten *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, d'Bierger am Lëtzebuerger Land hunn e Recht op e gudden, e performanten, e frëndlechen an och e séiere Service public. Dëse kréie si och garantéiert vun enger moderner an enger effikasser Verwaltung a gutt forméierten a kompetente Fonctionnairen a Beamten.

Fir dëst och an Zukunft ze garantéieren, hu mer zejoert eis Fonction publique reforméiert. Allerdéngs geet dat net duer. Wann haut de Bierger sech beklot, datt en ze laang muss drop waarden, datt seng Demande oder säin Uleies traitéiert gëtt, da läit dat meeschtens net um gudde Wëlle vun der Verwaltung oder un engem Beamten, mä ganz dacks u laange schwéierfällegen, jo heiansdo souguer onsënnegen administrative Prozeduren.

Am Laf vun de Jorzéngten ass eis Gesetzgebung ëmmer méi komplex ginn, ëmmer méi komplizéiert och. Heibanne sinn eng ganz Rëtsch vu Buergermeeschteren a Schäffen. Si all kënnen e Liddchen dovunner sangen. Eleng am Beräich vun der Landesplanung an der Gemengenentwécklung komme stänneg nei Oplage bäi, nei Prozeduren, nei Délaien an esou weider.

Si, all eenzel gekuckt, maachen natierlech Sënn. Mä an der Zomm féiere se zu laangwieregen a schwéierfällege Prozeduren. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer de Mëtteg vun den eenzelne Riedner nach déi eng oder aner Beispiller wäerte geliwwert kréie vun interminabele Prozeduren. Et besteet dofir scho méi laang e breede Konsens iwwert déi politesch Parteien eraus, datt mer mussen eis Prozedure vereinfachen an accéléréieren.

Am Joer 2012 hat déi deemoleg Regierung eng grouss Table ronde organiséiert mat de concernéierten Akteuren: der UEL, dem Syvicol oder nach dem OAI. Et gouf eng interministeriell Plattform geschaaft, déi sollt identifizéieren, wou mer kënnen administrativ Hürden ofbauen, Délaie verkierzen an Investissementer accéléréieren.

Am Joer 2013 goufen d'Konklusiounen dovunner gezunn an d'Iddi vun engem Omnibusgesetz war gebuer, wat eng ganz Rëtsch vu verschiddene Gesetzer sollt ofänneren. Déi nei Regierung war grad wéi hir Virgänger vun der Noutwendegkeet vun esou engem Gesetz iwwerzeegt, an de Minister, dee fir d'Simplification administrative zoustänneg ass, den Här Kersch, huet knapps en halleft Joer, nodeems en an där Fonctioun ugetratt ass, schonn e Projet de loi ausgeschafft an an der Chamber déposéiert. Méi séier kann et bal net goen.

(Interruption)

Domat wollt d'Regierung och dokumentéieren, wéi eescht et hir mat dësem Sujet ass, a wollt keng Zäit verléieren.

Ech ginn normalerweis a menge Rapporten net vill op den Historique vun engem Projet de loi an. An dësem Fall awer muss een dat maachen, well ironescherweis grad d'Gesetz, fir d'Prozeduren ze vereinfachen, dach laang an de Prozedure geschleeft huet. Wann den Omnibus och wollt esou séier wéi den TGV fueren, esou hat en net mam Trafic gerechent. An den Omnibus stoung wéi vill Lëtzebuerger och am Stau.

De 16. Juli 2014 gouf de Projet de loi déposéiert. D'Regierung huet de 27. Mäerz 2015 Amendementer nogereecht, well et sech gewisen huet, datt dee Projet de loi net esou séier kéint ëmgesat ginn, wéi ugangs erhofft. Et huet de Risiko bestanen, datt eng Rei Gemengen et net géife fäerdegbréngen, d'Reform vun hirem PAG am Délai ofzeschléissen, deen dat modifizéiert Gesetz vun 2004 virgesinn hat. Et huet also relativ séier mussen eng Verlängerung vun dësem Délai gemaach ginn.

Den 3. Abrëll 2015 koum dunn den Avis vum Statsrot. Dësen huet sech awer och nëmmen op deen eenzege Punkt vum Délai beim PAG bezunn. De Statsrot huet d'Drénglechkeet vun deem Problem unerkannt a virgeschloen, de Projet de loi an zwee ze splécken, wat d'Chamberskommissioun och esou iwwerholl huet.

Den 21. Mee 2015 gouf dëse klengen Deel also vum Omnibusgesetz hei an der Chamber gestëmmt. Pünktlech fir d'Summervakanz, de 17. Juli 2015, koum dunn den Avis complémentaire vum Statsrot, dee sech u sech mam ganze Rescht vum Omnibusgesetz befaasst huet. Also genee ee Joer nom Dépôt.

Am November 2015 huet d'Chamberskommissioun hir Amendementer opgrond vum Avis vum Statsrot eragereecht. Et huet dunn nees aacht Méint gedauert, bis de 15. Juli 2016, bis d'Chamber vum Statsrot eng Äntwert op dës Amendementer krut. Direkt no der Summervakanz am September an Oktober 2016 huet d'Kommissioun un de leschten Ännerunge gefeilt, déi de Statsrot a sengem Avis gefrot hat.

Den 13. Dezember schlussendlech koum dunn en drëtten Avis complémentaire vum Statsrot, deen eis et haut erméiglecht, also no gutt 30 Méint, dëst Gesetz haut ze stëmmen.

Eng gutt zwielefmol huet sech d'Kommissioun vun der Fonction publique an der administrativer Reform och zesumme mat de Kommissioune fir Affaires intérieures an Environnement mat dësem Projet befaasst. Tëscht dem Dépôt vum Projet de loi a sengem Vott sinn also net manner wéi 30 Méint vergaangen. A wéi dat esou geet, wann eppes méi laang an der Maach ass, goufen entre-temps schonn aner Gesetzer geännert, déi elo bei dem Omnibusgesetz en cours de route och nach hu musse considéréiert ginn, wéi zum Beispill d'Gesetz iwwert de Persouneregëster.

Nach an eiser leschter Kommissiounssitzung hu mer eng kleng Ännerung misse virhuelen, well zanter dem 1. Januar aus dem Mémorial elo de Journal officiel ginn ass. Mir haten dem Statsrot matgedeelt, datt mer d'Terminologie ugepasst hunn. A mir kruten nach de leschte Freideg eng Äntwert, wou hie säin Accord dozou gëtt, awer freet, datt mer dann och dee ganzen Term, näämlech Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg, solle benotzen. Ech géif der Chamber proposéieren, datt mer déi Remarque berücksichtegen an den definitiven Text um Niveau vun den Artikelen 12 a 76 entspriechend upassen.

Ech hunn déi Opzielung vun deene verschiddenen Etappe gemaach, net fir mam Fanger op een ze weisen, mä fir ze dokumentéieren, wéi komplizéiert dat Ganzt ass an datt et weder um gudde Wëlle vun der Chamber nach vun der Regierung loung, fir dëse Projet séier duerch d'Instanzen ze kréien. Mir hunn an eiser Gesetzgebung ebe Prozeduren, déi vu bausse laang a komplizéiert wierken, mä déi néideg sinn an engem Rechtsstat, an deem Transparenz an och e gewëssent Matsproocherecht héichgehale ginn. An éierlech gesot: Ech wéilt och net an engem Stat liewen, wou dat anescht wier.

Zum Projet de loi selwer. Ech hu mäi Bescht probéiert, fir dësen Deel vu mengem mëndleche Rapport esou einfach a verständlech wéi